LU

# Wéi maachen ech Infoen, déi jidderee gutt versteet?

Eng kuerz Checkléscht fir **Liicht Sprooch**

## Fir d'éischt iwwerleeën ech:

- ☐ Wien ass meng Zilgrupp? (Alter, Wëssen, Sprooch ...?)
- ☐ Wéi eng Informatioune wëll ech vermëttelen?
- ☐ Wat fir e Medium benotzen ech? (Text, Audio, Video ...?)

## Ech fänken u mat schreiwen:

- ☐ D'Infoe strukturéiere mat Iwwerschrëften a kuerzen Abschnitter.
- ☐ Einfach a bekannte Wierder.
  Ech muss e schwéiert Wuert benotzen? Dann erklären ech et.
- ☐ Kuerz Sätz (8–10 Wierder pro Saz).
- ☐ 1 Info pro Saz.
- ☐ Einfach Sätz (Sujet – Verb – Objet).
- ☐ Aktiv Sprooch benotzen, kee Passiv.
- ☐ Neie Saz, nei Zeil.

## Ech passe beim Design op:

- ☐ Schrëft ouni Seriffen, gutt Schrëftgréisst (z. B. Arial 14 pt).
- ☐ Text lénksbënneg.
- ☐ Wichteg Infoe **fett** schreiwen.
  Kee *Kursiv*, keen <u>Ënnersträichen</u>, keng GROUSSBUSCHTAWEN.
- ☐ Faarwen iwwerluecht benotzen an op Kontraster oppassen.
- ☐ Biller a Piktogrammer auswielen, déi zum Thema passen.

## Ech deele meng Info:

- ☐ D'Info muss fir d'Zilgrupp ouni Barriären zougänglech sinn.
- ☐ Reklamm op de sozialen Netzwierker.

www.klaro.lu

klaro

APEMH

info@klaro.lu